N°2774
Entrée le 13.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.08.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. August 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Den 30. Juli 2025 huet d'Commission de Surveillance du Secteur Financier (CSSF) eng administrativ Sanktioun géintiwwer der Spuerkeess ausgeschwat, nodeems d'CSSF tëscht dem 8. August 2024 an dem 12. Dezember 2024 eng Rei Kontrollen am Kontext vum Caritas-Skandal duerchgefouert hat.

D'Héicht vun dëser Sanktioun – déi wéinst Verstéiss géint d'Gesetz vum 12. November 2004 iwwert d'Bekämpfung vu Geldwäsch an der Finanzéierung vum Terrorismus wéi och wéinst Verstéiss géint déi berufflech Obligatioune festgehale gouf – beleeft sech op bal 5 Milliounen Euro. Dëst erënnert un eng Sanktioun vun iwwer 3 Milliounen Euro, déi d'CSSF den 8. Juli 2024 géintiwwer der BGL BNP Paribas ausgeschwat hat – aus quasi identesche Grënn.

An dësem Kontext wéilt ech dem Här Finanzminister follgend Froe stellen:

1. D'CSSF hat schonn 2018 zu deem Thema eng Enquête bei der Spuerkeess duerchgefouert. Wéi eng Lacunne goufen deemools festgestallt a wat waren d'Conclusiounen?

2. Gouf d'Ëmsetze vun den Injonctioune kontrolléiert? Wa jo, wéi sinn si kontrolléiert ginn an a wéi enger Zäitspan? Wann nee, aus wéi enge Grënn net?

3. D'CSSF hat 2024 zum selwechten Thema eng Enquête bei der BGL BNP Paribas duerchgefouert. Wéi eng Lacunne goufen deemools festgestallt a wat waren d'Conclusiounen?

4. Gouf d'Ëmsetze vun den Injonctioune kontrolléiert? Wa jo, wéi sinn si kontrolléiert ginn an a wéi enger Zäitspan? Wann nee, aus wéi enge Grënn net?

5. Firwat huet d'CSSF d'Resultater vun der Enquête géintiwwer der BGL BNP Paribas net ëffentlech gemaach, am Géigesaz zu de Resultater vun der Enquête géintiwwer der Spuerkeess?

6. Vu wéini un hat de Staat – deen zu 100 % Aktionär bei der Spuerkeess an zu 30 % Aktionär bei der BGL BNP Paribas ass – Kenntnesser vun dësen Injonctiounen?

7. Wat ass d'Regierung gewëllt ze ënnerhuelen, fir d'Vertraue vun de Clienten an dës Banken, déi ënner hirer Kontroll sinn, nees zeréckzegewannen?

8. Gedenkt d'CSSF hire System vu Kontrollen am Hibléck op de Caritas-Skandal an déi entspriechend Sanktiounen ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten